



Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 16. November 2020

Här President,

Esou ewéi den Artikel 84 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës drénglech parlamentaresch Fro un den d'Madamm Minister fir Gesondheet an den Här Minister fir Edukatioun, Kanner a Jugend weider ze leeden.

Den Här Minister fir Edukatioun huet an de parlamentaresche Froen n°2938 an n°2812 „*ëmmer erëm vum Asaz vu mobille Filteren ofgeroden, well se kee relevanten Effet op d'Verhënnere vun der Verbreedung vum Virus*“ géifen hunn.

Laut der fachtechnescher Zäitschrëft Science vum 16. Oktober n°6514 Vol. 370 wieren Aerosolen den Haaptiwwerdroungswee vum Covid-19. Aerosolen déi de Virus enthalen géifen en iwwer 2 Meter weidertransportéieren, an de Virus géing sech esou an de Raim accumuléieren. An deem Sënn géingen d'Wëssenschaftler kloer Richtlinnen fuerderen vir d'Banneloft ze verbesseren duerch Belëftung an och duerch Filterung.

An dësem Kontext géif ech gäre folgend Froen un d'Regierung stellen:

- Op wéi enger wëssenschaftlecher Basis baséiert d'Ausso vun der Regierung datt d'Filteren „*kee relevanten Effet op d'Verhënnere vun der Verbreedung vum Virus*“ hunn?
- Hält d'Regierung weider un hirer Ausso fest datt d'Filteren „*kee relevanten Effet op d'Verhënnere vun der Verbreedung vum Virus*“ hunn, esou wéi se dat an deenen zwou parlamentaresche Froen annoncéiert huet?
 - Wann jo, aus wéiengem Grond?
 - Wann nee, ass de Minister méttlerweil bereet, den Schoulen Raumloftfilteren zur Verfügung ze stellen, do wou se noutwendeg sinn?

Här President, ech bieden Iech mäin déifste Respekt unzehuelen.

A handwritten signature in black ink, consisting of a stylized 'M' and 'H' combined into a single fluid stroke.

Martine Hansen
Deputéiert



Réponse commune de Madame la Ministre de la Santé et de Monsieur le Ministre de l'Education nationale de l'Enfance et de la Jeunesse à la question parlementaire urgente n° 3147 du 16 novembre 2020 de Madame la Député Martine Hansen concernant les « purificateurs d'air ».

De Sujet vun de Purificateurs d'air gëtt ganz enk vun der Gesondheitsdirektioun mee och vun aneren wëssenschaftlechen Entitéiten (LIH, Uni.lu etc.) suivéiert an et gëtt eng permanent Veille vun eventuelle neien Erkenntnisser gemeet.

Fir de Moment ginn et awer nach keng konkluant Erkenntnisser déi d'Effikacitéit oder och d'Net-Effikacitéit vun de Purificateurs d'air belëen an et si nach zevill oppe Froen fir sech fir en Asetze vu Purificateurs d'air auszeschwätzen.

Als wëssenschaftlech Basis kann een e.a. déi rezent Publikatioun vum European Center for Disease Prevention vum 10. November zitieren « Heating, ventilation and air-conditioning systems in the context of COVID-19: first update » déi zur Konklusioun kënnt datt et just ganz begrenzte Beweiser ginn datt den Asaz vu mobile Filtersystemer oder aner "purificateurs d'air" de Risk vun der Transmissioun vum SARS-CoV-2 erofsetzt

D'Gesondheitsdirektioun recommandéiert an deem Sënn fir de Moment nach ëmmer d'Klassesäll regelméisseg ze lëften fir d'Verbreede vun den Aérosols ze minimiséieren.